


PRESENTATIOUN VUN NEIEN HËLLEFE FIR INVESTISSEMENTER AM KONTEXT VUM COVID-19

5 August 2020

MINISTÈRE DE L'ÉCONOMIE



LUXINNOVATION
TRUSTED PARTNER FOR BUSINESS



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

ZESUMMEFAASSUNG

PRESENTATIOUN VUN DER HËLLEFSMESÜRE

- ZWECK
- FORM VUN DER HËLLEF
- ÉLIGIBILITÉITSREEGELEN
- NOTIOUN VUM GRUPP A VUN DER GRÉISST VUM BETRIB
- ZORTE VU PROJETEN
- INTENSITÉIT VUN DER HËLLEF AN ELIGIBEL KÄSHTEN

WÉI MÉCHT EEN ET AN DER PRAXIS?

- WÉI FREET EEN ENG HËLLEF UN?
 - TIMELINE
 - KONKRET BEISPILLER
 - ËNNERSTËTZUNG BEIM UFROE VUN ENGER HËLLEF
-

ZWECK



Betriber mat engem weesentleche Réckgang vum Ëmsaz dozou encouragéieren, **Investissementen ze maachen déi**, wéinst der Wirtschaftskris vun der COVID-19 Pandemie, **annuléiert oder verréckelt gi sinn.**



Betriber dozou encouragéiere **strategesch Investitiounen ze maache** fir datt se sech un dat neit Ëmfeld upassen an nees op d'Been kommen.



Net-remboursabel Kapitalsubventioun:

- Plafonnéiert op **max. 800.000 €** pro Betrib
 - Inklusiv d'Hëllefden déi ënnert de Régimer « avances remboursables », « fonds de relance et de solidarité pour entreprises » an « aides forfaitaires de relance du commerce de détail » ausbezuelt ginn
- Ausgerechent op Basis vun den **eligibele Käschte** par Rapport zu engem Investitiounsprojet



ÉLIGIBILITÉITSREEGELEN (1/3)

- Éligibilitéit: **15% Réckgang vum Ëmsaz** am Zäitraum Abrëll-Juni 2020 am Verglach zu:
 - Där selwechter Period am Joer 2019
 - Oder dem Duerchschnëtt pro Mount vum Ëmsaz am Joer 2019
- **Handelsermächtigung** (Autorisation d'établissement) virum 18. März 2020
- **All Aktivitéitssecteure** mat Ausnam vu primär landwirtschaftlecher Produktioun, Fëscherei an Aquakultur



ÉLIGIBILITÉITSREEGELEN (2/3)

- **De Projet huet net ugefaangen** ier de Wirtschaftsminister décidéiert huet d'Hëllef ze ginn
 - Keng gesetzlech verbindlech Verflichtung (Commande, Kontrakt, a.s.w.) däerf virun der Decisioun vum Wirtschaftsminister gemaach ginn

- **De Betrag vun der Investitioun (ouni TVA) ass méi héich wéi :**
 - 20.000 € fir Mikro- a kléng Betriber
 - 50.000 € fir mëttelgrouss Betriber
 - 250.000 € fir grouss Betriber



ÉLIGIBILITÉITSREEGELEN (3/3)

- Mëttel- a grouss Betriber déi geméiss dem europäesche Reglement (RGEC N°651/2014) den 31/12/2019 **net a Schwiereregkeete waren**
- Mikro- a kleng Betriber **déi net engem kollektiven Insolvenzverfahre ënnerleien**



NOTIOUN VUM GRUPP A VUN DER GRÉISST VUM BETRIB

- **D'Gréisst vum Betrib** gëtt a Relatioun mam Grupp festgeluecht (geméiss der Annex I vum RGEC N°651/2014)


	Gréisst vum Betrib	Mikro	Kleng	Mëttel	Grouss
	Vollzäit gläichwäerteg Aarbechtsplazen (Effectif)	< 10	< 50	< 250	≥ 250
an	Ëmsaz (an Euro)	< 2 M	< 10 M	< 50 M	> 50 M
oder	Total vum Bilan (an Euro)	< 2 M	< 10 M	< 43 M	> 43 M

- **All Partner a verbonne Betriber** mussen berécksiichtegt gi fir d'Gréisst vum Betrib ze definéieren
- **E kompletten Organigramm** mat den Aktionären a Bedeelegunge muss een ugin



NOTIOUN VUM GRUPP A VUN DER GRÉISST VUM BETRIB

Beispill 1: En autonome Betrib




D'Mme A, den Här B an d'Mme C hu keng aner Participatioun a Betriber déi am selwechten oder op engem vertikale Maart aktiv sinn.

De Betrib A ass e kleng Betrib.



NOTIOUN VUM GRUPP A VUN DER GRÉISST VUM BETRIB

Beispill 2: Grupp



D'Mme A huet och eng Majoritéit vum Betrib B, an indirekt vum Betrib C gehéiert deen op engem vertikale Maart aktiv ass.

De Betrib A gehéiert engem Grupp (Betrib A, B et C) an ass als grouse Betrib ze qualifizéieren.



ZORTE VU PROJETEN (1/5)



Entwécklungsprojet (z.B Kreeslafwirtschaft)



Innovatiounsprojet vu Verfaren oder an der Organisatioun



Projet iwwer Energieeffizienz oder dem Depassement vun Ëmweltnormen



ZORTE VU PROJETEN (2/5)



Entwécklungsprojet (Investissement)

- **Erweiderung** vun engem Etablissement
- **Diversifikatioun** vun Aktivitéiten (Produktioun a Service)
- **Fundamental Ännerung** am ganze Produktiounsprozess oder vun der Déngschtleeschtung vun engem besteeënden Etablissement

- Sinn ausgeschloss:
 - D'Käschte fir e neie Betrib ze grënnen
 - D'Ersetze vu Material
 - All Zort vu Gefier
 - Investissementer déi dozou déngen sech de Gesetzer a Reglementer unzepassen



ZORTE VU PROJETEN (3/5)



Entwécklungsprojet (Investissement)

Spezifesch Ënnerstëtzung fir Projeten am Beräich vun der **Kreeslafwirtschaft** déi wesentlech zum Schutz vun der Ëmwelt bäidroen:

- Méi effizient Notze vun **natierleche Ressourcen**
- D'Verwäertung an **d'Weiderverwende** vu Produite verlängeren
- D'Méiglechkeet fir Produiten ze **recycléieren** erhéijen
- Den Inhalt vun extrem bedenkliche Substanzen **däitlech reduzéieren**
- D'Produktioun vun **Offall verhënneren**





Innovationsprojet vu Verfahren oder an der Organisation

■ Innovation am Verfahren:

- Ëmsetzung vun enger neier oder däitlech verbesserter Produktiouns- oder Distributiounsmethod (dëst soll däitlech technesch, materiell oder logiciel Ännerunge mat sech bréngen)

■ Innovation an der Organisation:

- Ëmsetzung vun enger neier organisatorescher Method a Geschäftspraktiken, Aarbechtsplazorganisation oder extern Relatioune vum Betrib. Eng Innovation iwwert d'Organisation kann z.B d'Erliichterung vum Teletravail sinn.

Bedeutende Bäitrag vum Personal vum Betrib erfuerderlech (Ëmsetzung vu Prozeduren, Ännerung vum Businessmodell, Integratioun vu Komponente fir eng nei Léisung, etc.)





Projet iwwer Energieeffizienz oder dem Depassement vun Ëmweltnormen

Investissementer fir d'Energieeffizienz:

- D'Quantitéit vun der erspuertener Energie bestëmmt duerch d'Miessung an/oder d'Schätzung vum Verbrauch virun an no der Ëmsetzung vun enger Mesure déi d'Energieeffizienz verbessert

Investissementer déi et dem Betrib erlaben iwwert déi national Normen erauszegoen, oder am Fall wou et esou Normen net gëtt d'Ëmweltschutzstandarden ze erhéijen

Sinn ausgeschloss:

- All Zort vun Gefierer
- Investissementer déi dozou déngen sech de Gesetzer a Reglementer unzepassen



INTENSITÉIT VUN DER HËLLEF AN ELIGIBEL KÄSCHTEN

Rappel: d'Hëllef ass plafonnéiert op max. 800.000 € pro Grupp

Projet	ELIGIBEL KÄSCHTEN	Mikro/ kleng	Mëttel	Grouss
Entwécklung (Investissement)	Acquisitioun vu materiellem an immateriellem Actif	30%	25%	20%
Wann den Entwécklungsprojet am Kader vun der Kreeslafwirtschaft ass (+ 20%)		50%	45%	40%
Innovatiounsprojet vu Verfahren oder an der Organisatioun	Personalkäschten; Acquisitioun vu materiellem an immateriellem Actif; kontraktuell Fuerschung, aner Betribskäschten.	50%		
Energieeffizienz oder den Depassement vu Normen	Acquisitioun vu materiellem an immateriellem Actif	50%		



WÉI FREET EEN ENG HËLLEF UN?

■ Déi wichteg Schrëtt beim Ufroen vun enger Hëllef op MyGuichet.lu :

1. Kreatioun vun engem **espace professionnel** oder d'Benotze vun engem bestoenden espace professionnel
2. Auswiele vun der Demarche « **MECO: COVID 19 – Projet d'investissement ICO** »
3. Ausfëlle vum **formulaire**
4. D'Derbäisetze vun den Dokumenter « **description projet** », « **synthèse financière** » an den aneren Annexen
5. Ofschécke vum **Formulaire a vun den aneren Dokumenter**


■ D'Dokumenter « Description projet » et « Synthèse financière » vun geplangte Projet am Virus preparéieren (Virlag disponibel op Guichet.lu)

MyGuichet.lu



TIMELINE

Entscheidungsprozess



KONKRET BEISPILLER

Fall 1

De Betrib A wëll an en zousätzlechen Shredder investéiere fir Rohmaterial fir säi Produktiounsprozess virzebereeden.

→ **Entwécklungsprojet** ouni Bäitrag fir d'Kreeslafwirtschaft



KONKRET BEISPILLER

Fall 2

De Betrib B wëll an en zousätzlechen Shredder investéieren, deen och lokal sekundär Rohmaterialien an hire Produktiounsprozess integréiert.

→ **Entwécklungsprojet** mat Bäitrag fir d'Kreeslafwirtschaft



KONKRET BEISPILLER

Fall 3

De Betrib C setzt e PaaS (Produkt als Service) Modell fir Bauelementer (Betonspawee) op, déi en erëmhëlt a weiderbenotzt. En investéiert an eng Botzmaschinn fir d'Pawee an e neien Shredder fir dee futtis'e Pawee.

→ **Entwécklungsprojet** mat Bäitrag fir d'Kreeslafwirtschaft



Fall 4

De Betrib D wëll eng digital Interface astelle fir Produkter op d'Mooss ze verkaafen. Amplatz datt en Installateur op de Site beim Client geet, kann de Client selwer Miessunge mat online Support aginn.

→ Innovatiounsprojet an der Organisatioun



KONKRET BEISPILLER

Fall 5

De Betrib E, deen de Moment déi erfuerderlech Emissiounsniveau'e respektéiert, wëll an eng Gasbehandlungsanlag investéieren, déi de Niveau vun den Emissiounen weider reduzéiert.

**→ Projet iwwert den Depassement vun
Ëmweltnormen**



ËNNERSTËTZUNG BEIM UFROE VUN ENGER HËLLEF

Ween kontaktéieren ?



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Ministère de l'Économie

Direction de la Recherche et de l'Innovation
et la Direction générale des Classes moyennes

19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
Luxembourg

Tél.: (+352) 247-84128

E-mail: invest.covid19@eco.etat.lu

Gouvernement.lu



LUXINNOVATION
TRUSTED PARTNER FOR BUSINESS

Luxinnovation

5, avenue des Hauts-Fourneaux
L-4362 Esch-sur-Alzette
Luxembourg

Tél. : (+352) 43 62 63-1

E-mail: rdi@luxinnovation.lu

luxinnovation.lu



**LET'S
MAKE IT
HAPPEN**

F&A

*Den Inhalt vun dëser Prestentioun déngt dozou fir d'Staatshëllefregimer
besser ze verstoen. Nëmmen den Text vum Gesetz ass authentesch.*

